

VIRLIESCONCOURS 2024



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



SCRIPT

Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

IMPRESSUM

Titre : Virliesconcours 2024

Élaboré par Anne-Marie Antony et Anne Biesdorf (SCRIPT).



Éditeur :

Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques, SCRIPT
33, Rives de Clausen
L-2165 Luxembourg
secretariat@script.lu

Réalisation / Conception : SCRIPT

Illustrations : Marina Herber

© 2023 SCRIPT | Tous droits réservés

VIRLIESCONCOURS 2024

EN NEIT
KONZEPT

KONTEXT

Lëtzebuerg ass scho laang e multikulturellt an e méisproochegt Land. Dës Diversitéit weist sech och an der Vifalt vun de Sproochen an déi ass och ëmmer méi present an eise Schoulen. Vill Kanner hunn net méi Lëtzebuergesch als Familljesprooch oder wuesse méisproocheg op, well se Eltere mat verschidde Familljesproochen hunn.

Dëser Diversitéit kënt den neie Virliesconcours an **zwou Hisiichten** entgéint:

- Engersäits hu mir ëmmer méi international Schoulen am Land. An deenen ass och Englesch eng Schoulsprooch. Vun deene Schoule maachen eng Rei Schüler beim Virliesconcours mat. Sou läit et op der Hand, déi englesch Sprooch an dat neit Konzept vum Virliesconcours ze integréieren. Och e Kand, dat Englesch als Familljesprooch huet, kann also vun dëser Neierung profitéieren.
- Anerersäits bitt de Concours vun elo un Epreuven a verschidde Sproochen un. D'Kanner gi bei der Umeldung eng éischt an eng zweet (Virlies)sprooch un. Eréischt vun der Véierelsfinall u ginn et dann Epreuven an 2 verschidde Sproochen an an der Finall kënt de Liestheater als nei Epreuve derbäi.

Och wann d'Sproochendiversitéit nach vill méi wäit geet, konzentréiert de Virliesconcours sech bewusst op d'Schoulsproochen aus der Lëtzebuerger öffentlecher nationaler an internationaler Grondschoul: Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch.



WAT ASS NEI? - IWWERBLÉCK

KEEN THEEMA MÉI VIRGINN

Vun elo u kënnen d'Kanner sech en Extrait eraussichen aus hirem Liblingsbuch oder aus soss engem Buch, dat hinne grad gutt gefält. Si brauchen net méi Ausschnëtter zu engem bestëmmten Theema ze sichen a si méi fräi an der Wiel vun hirem Extrait.

Den Extrait soll nach ëmmer eng Dauer vun 3 Minutten hunn.

2 VIRLIESSPROOCHE VUN DER VÉIERELSFINALL UN & ENGLSCH ALS NEI SPROOCH

D'Kanner gi bei hirer Umeldung 2 Sproochen un, an deenen si gär virliesen:

- **eng éischt Sprooch**
 - d'Sprooch, déi d'Kand als seng stäerkste Virliessprooch ugesäit;
 - eng vun den dräi classesche Schoulsproochen aus der Grondschoul: Däitsch, Franséisch oder Lëtzebuergesch;
- **eng zweet Sprooch**
 - eng aner Sprooch, an där d'Kand och gär virliest;
 - Hei kann - ausser de classesche Schoulsproochen - och Englesch genannt ginn;
 - Dës zweet Sprooch gëtt awer eréischt vun der Véierelsfinall u wichteg.


Englesch kann net als éischt Sprooch genannt ginn.

MÉI ETAPPEN

No der Schoulfinall gëtt et eng Véierelsfinall pro Regionaldirektioun, dann eng Halleffinall um SCRIPT a schliisslech eng national Finall zu Esch.

NEI EPREUVEN

- **Véierelsfinall:**
 - Onbekannten Text an der 1. Sprooch
 - Bekannten Text an der 2. Sprooch
- **Halleffinall:**
 - Reprise vum onbekannten Text an der 1. Sprooch
- **Finall:**
 - neie bekannten Text an der 2. Sprooch
 - neien onbekannten Text an der 1. Sprooch
 - Liestheater an der 1. Sprooch



LEVELUP

- De Virliesconcours ass neierdénks och Deel vun der Initiativ Levelup. All Enseignant ka fir d'Kanner aus senger Klass, déi beim Virliesconcours matmaachen, en Zertifikat vu Levelup erstellen loossen: <https://levelup.lu/contests/virliessconcours/>
- Vum Niveau Schoulgewënner u këmmert sech de SCRIPT drëm, dass d'Kanner en Zertifikat kréien.

DETAILER VUM NEIE VIRLIESCONCOURS

KEEN THEEMA FIR DEN EXTRAIT

Den Extrait soll weiderhin dem Niveau vum C4 entsprechen.

Zougelooss sinn nëmme Kanner- a Jugendbicher, keng Zäitschrëften, keng Fotokopien a kee Schoulbuch. Et gëtt aus engem gedréckte Buch virgelies. Sachbicher, Theaterstécker, Gedichter a Billerbicher, grad wéi BDen a Graphic Novels sinn och net zougelooss.

D'Schoulbibliothecairen an d'Léierpersonal sinn invitéiert, d'Kanner bei der Auswiel vun de Bicher an de passenden Extraiten ze ënnerstëtzen. Zesumme solle si kucken, ob d'Buch dem Alter vum Kand entsprécht a sech gutt eegent, fir virgelies ze ginn.

Den Extrait soll eng Dauer vun **3 Minutten** hunn.

2 VIRLISSPROOCHE VUN DER VÉIERELSFINALL UN AN ENGLSCH ALS NEI SPROOCH

De Virliessconcours leeft elo mat de 4 Sproochen aus der Lëtzebuenger nationaler an internationaler Grondschool: Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch oder Englesch.

Duerfir ginn d'Kanner bei hirer Umeldung 2 Sproochen un, an deenen si gär virliesen.

Well Englesch awer net iwwehall an der Grondschool Schoulsprooch ass, kann et just als zweet Sprooch am Concours ausgesicht ginn.

Dës zweet Virliessprooch spillt awer eréischt vun der Véierelsfinall un eng Roll.

MÉI ETAPPEN

► **Klassefinal**

Déi leeft wéi gewinnt mat Texter op Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch. D'Kand liest en Extrait, deen hatt sech erausgesicht huet, an enger vun dese Sprooche vir. **D'Klass ermëttelt d'Klassegewënnerin oder de Klassegewënner.**

► **Schoulfinal**

Nodeems an all Klass d'Gewënnerin oder de Gewënner ermëttelt gouf, fënnt eng Schoulfinal statt. Dës gëtt vum Schoulbibliothecaire mat Hëllef vun den Enseignantinnen organiséiert. Falls keng ganz Klasse matmaachen, mee just eenzel Kanner, sollen déi sech direkt beim Schoulbibliothecaire mellen. Och hei liest d'Kand säin Extrait an enger vun den 3 classesche Schoulsprooche vir: Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch.

An der Schoulfinal bestëmmt e Jury d'Gewënnerin oder de Gewënner. De Schoulbibliothecaire mellt d'Kand via Onlineformulaire beim SCRIPT. Nei ass vun deem Joer un, datt um Onlineformulaire elo eng zweet Sprooch genannt gëtt, an där d'Kand virliest: Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch oder Englesch.

Delai fir d'Umeldung vun der Schoulgewënnerin/dem Schoulgewënner beim SCRIPT: **23.02.2024**.

De SCRIPT informéiert all Schoulgewënnerin a Schoulgewënner, wéi et fir hien oder fir si an der Véierelsfinall weidergeet.



► Véierelsfinall

Dës Etapp ass nei. Et ass den éischte Moment, wou déi 2. Sprooch, déi d'Kand bei der Umeldung genannt huet, an d'Spill kënnt.

- Bekannten Text an der 2. Sprooch.
D'Kand sicht sech en Text an der 2. Sprooch eraus, déi et an der Umeldung uginn huet.
D'Kand hält deen op - mat Hëllef vum Schoulbibliothecaire - an e gëtt un de SCRIPT geschéckt: virliesconcours@script.lu.
- Onbekannten Text an der 1. Sprooch
De SCRIPT liwwert all Véierelsfinalist den **22.03.2024** en Text a senger 1. Sprooch. D'Kand hält deen op - mat Hëllef vum Schoulbibliothecaire - an e gëtt un de SCRIPT geschéckt: virliesconcours@script.lu.

Delai fir den Envoi vun den 2 Audiofichiere vun all Véierelsfinalist/Véierelsfinalistin un de SCRIPT: **25.03.2024**

Aus Fairnessgrënn ka leider keen Envoi, deen no dësem Datum erageschéckt gëtt, méi consideréiert ginn.

WICHTEG INFO ZUM AUDIO!

- kee Video
- net méi laang wéi 3 Minutten
- gutt Qualitéit (keng Hannergrondgeräischer, gutt Lautstärkt)
- direkt mam Liesen ufänken (KENG Presentatioun vum Kand, Auteur oder Buch)



D'Veierelsfinall gëtt an der 2. Hallschent vum Abrëll am klengen Krees an de verschiddene Regionaldirektiounen organiséiert. D'Gewënner gi just iwwert déi 2 Audioopnamen ermëttelt, déi fir dës Etapp un de SCRIPT geschéckt goufen.

- Bekannten Text an der 2. Sprooch
- Onbekannten Text an der 1. Sprooch

De SCRIPT sammelt déi Opnamen a gëtt se nach virun der Ouschtervakanz un d'Regionaldirektiounen weider. Déi stellen e Jury pro Region zesummen an ermëttelen d'Gewënnerkand aus der Region, dat dann an d'Halleffinall kënnt.

All Regionaldirektioun, an där eng Véierelsfinall leeft, meldt säi Gewënnerkand beim SCRIPT un: virliesconcours@script.lu.

Delai fir d'Umeldung vum Gewënnerkand, also dem Halleffinalist/der Halleffinalistin, beim SCRIPT: **02.05.2024**

De SCRIPT informéiert all Véierelsfinalistin an all Véierelsfinalist iwwert seng individuell Suite vum Concours a schéckt all Kand e Bicherbong als Merci.

► Halleffinall: 15.05.24

- Zu dësem Moment si bis zu 15 Halleffinalisten ugemellt. Well d'Finall méi vilfältig Epreuven a méi Sprooche beinhalt, ass et zäitlech net méiglech, se mat 15 Finalisten ze maachen. Duerfir gëtt d'Zuel vun de Finalisten op 8 Kanner reduzéiert. Dëst geschitt an der Halleffinall, déi um SCRIPT leeft. D'Entscheidung gëtt getraff op Basis vun der Audioopnam vum onbekannten Text an der 1. Sprooch, deen d'Kand fir d'Véierelsfinall erageschéckt huet. De SCRIPT informéiert all Halleffinalistin an all Halleffinalist iwwert hir/seng individuell Suite vum Concours e schéckt all Kand e Bicherbong als Merci.

► National Finall: 11.06.24

- De SCRIPT organiséiert d'national Finall nomëttes zu Esch-Uelzecht am Ariston.
- De SCRIPT invitéiert d'Finalistinnen an d'Finalisten, an d'Kanner müssen aus organisatoresche Grënn hir Presenz confirméieren. Den Enseignant vun all Finalist an all Finalistin kritt eng Kopie vun der Invitatioun.
- D'Kanner kënnen gäre Famill, Frënn a Klassekomerode mat an d'Finall bréngen. Aus organisatoresche Grënn soll all Kand d'Unzuel vu senge Begleeder am Virfeld iwwer virliesconcours@script.lu umellen.
- D'Epreuvë sinn nei organiséiert an et kommen nei Erausfuerderungen derbäi:
- **All Kand stellt sech 3 Epreuven:**
 - Neie bekannten Text an der 2. Sprooch
All Finalistin a Finalist kritt de **07.06.24** vum SCRIPT en Text a senger 2. Sprooch geschéckt.
All Kand huet Zäit, deen Text virzebereeden an esou doraus e bekannten Text ze maachen.
 - Neien onbekannten Text an der 1. Sprooch
All Kand kritt an der Finall och en onbekannten Extrait (en Iwwerraschungstext) a senger 1. Sprooch als lecture à vue ouni Virbereedungszeit virzeliesen.
 - Liestheater an der 1. Sprooch
Ganz nei als Epreuve ass d'Erausfuerderung vum Liestheater.

All Liestheater ass fir 2 Virliesser (+ eventuell en Narrateur) virgesinn.


De Liestheater selwer ass eesproocheg.

All Kand kritt e Liestheater a senger éischter Sprooch presentéiert. Dee liest et zesumme mat engem anere Kand, dat déi selwecht 1. Sprooch uginn hat.

Och hei ass et eng Lecture à vue ouni Virbereedungszeit.

De Jury op der Plaz entscheet op Basis vun den 3 Epreuven, wien d'national Gewënnerin oder den nationale Gewënner vum Virliesconcours 2024 ass.

Dat Kand kritt e Bicherbong an all aner Kanner kréien och e Bichermerci.



DE JURY

Fir d'Ermëttele vun der Schoulgewënnerin oder dem Schoulgewënner ass et dem Schoulbibliothecaire fräi iwwerlooss, de Jury zesammenzestellen.

Fir d'Veierelsfinall stellt d'Regionaldirektioun de Jury zesammen: Leit aus dem Bicher- a Kulturmilieu, respektiv aus dem Enseignement.

Fir d'Halleffinall gëtt et e Jury um SCRIPT.

An der Finall sinn et Leit aus dem Bicher-a Kulturmilieu (Schoul, Librairie, Bibliothéik, Theater, ...), déi d'Gewënnerkand ermëttelen.

D'Decisioun vum Jury kann net ugefecht ginn. De Rechtswee ass ausgeschloss.

WAT A WÉI GËTT BEWÄERT?

Bei der Bewäertung vum Virliesconcours spillen eng ganz Rei Krittären eng Roll:

1. Technik vum Liesen

Gëtt den Text fléissend a feelerfräi gelies, däitlech ausgeschwat, sënngeméiss betount? Gëtt gelies, ouni d'Wieder ofzeschlécken? Ginn d'Liesepause richteg agehalen (Komma, Punkt ...)? Sinn de Liestempo an d'Lautstärkt ugepasst? Kleng Verspriecher ginn hei net iwwerbewäert.

2. Textverständnis an Textgestaltung

Mierkt een, datt d'Kand den Text verstanen huet? Gëtt d'Stëmm gutt agesat, fir den Text ze gestalten, ouni iwwerdriwwe Schauspillerei? Geléngt et dem Kand, d'Stëmmung vum Text gutt erëmzeginn? Füllt een sech als Nolauschterer ugeschwat?

3. Choix vum Extrait

Ass d'Lieszäit gutt geplangt? Entsprécht den Text dem Alter vum Kand? Ass den Extrait eng ofgeschlossen Zee, déi ee gutt versteet (ouni Aféierung an ouni d'Personnagen ze kennen)?

WAT GËTT ET ZE GEWANNEN?

Vun der Schoulfinall u ginn et Bicherpräisser/Bicherbongen ze gewannen.

D'national Gewënnerin oder den nationale Gewënner kritt e Buch an e gréissere Bicherbong.

ASCHREIWUNG:

(bis den **23.02.2024**)

FIR WEIDER INFORMATIOUNEN:

virliesconcours@script.lu

anne-marie.antony@men.lu

(Tél. 247-85184)

anne.biesdorf@men.lu

(Tél. 247-75192)

<http://www.edulink.lu/q8k8>

VIRLIESCONCOURS 2024

• ZÄITSCHINN •

DATUM	ETAPP	PLAZ	UNZUEL	ÉPREUVE(N)	RESPONSABEL
23.02.2024	START	SCHOUL	ALL KANNER	<ul style="list-style-type: none"> • BEKANNTEN TEXT 1. SPROOCH (ANALOG) 	Enseignant, Schoulbibliothecaire
16.04.2024 - 02.05.2024	1/4 FINALL	REGIONAL- DIREKTIOUNEN	ALL SCHOULGEWËNNER	<ul style="list-style-type: none"> • NEIE BEKANNTEN TEXT 2. SPROOCH* (AUDIO) • ONBEKANNTEN TEXT 1. SPROOCH* (AUDIO) 	Regionaldirektiounen & SCRIPT
15.05.2024	1/2 FINALL	SCRIPT	15 KANNER	<ul style="list-style-type: none"> • ONBEKANNTEN TEXT 1. SPROOCH VUN DER 1/4 FINALL *(AUDIO) 	SCRIPT
11.06.2024	FINALL	ESCH	8 KANNER	<ul style="list-style-type: none"> • NEIEN ONBEKANNTEN TEXT 2. SPROOCH • NEIEN ONBEKANNTEN TEXT 1. SPROOCH • LIESTHEATER 1. SPROOCH 	SCRIPT

*Texter gi vum SCRIPT proposéiert



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse





SCRIPT

Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques, SCRIPT

33, Rives de Clausen
L-2165 Luxembourg
secretariat@script.lu

www.script.lu

© 2023, SCRIPT | Tous droits réservés